ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. November 2020

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Wirtschaftsminister weiderzeleeden.

D'Post hat sech d'Zil vun engem flächendeckenden Ausbau vum Glasfaser-Netz gesat. Pro Joer ginn an dësen Ausbau ronn 30 Milliounen € investéiert, zousätzlech kommen nach 50 Milliounen déi nächst Joren derbäi. D'Corona-Pandemie, verbonne mat Heemaarbecht, huet gewisen, datt dësen Ausbau vu Wichtegkeet ass. An dësem Kontext hätt ech folgend Froen un den Här Minister:

1. Wéi vill Kilometer Glasfaser goufe bis elo verluecht?
2. Wéi vill Kilometer Glasfaser bleiwen nach ze verleeën, fir datt all Stot am Land un de Reseau ugeschloss ass?
3. Bis wéini kann een ongeféier dermat rechnen, bis datt de ganze Reseau am Land op Glasfaser ausgebaut ass?
4. Huet d'Post e verbindleche Kalenner? Wéi vill Retard huet d'Post par rapport zu deem leschte verbindleche Kalenner, dee si annoncéiert oder publizéiert hat?
5. Ass séchergestallt, datt all Resident ka vun der Glasfaser profitéieren an datt och an Appartementshaiser de Glasfaseruschloss fir all Partei méiglech ass?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**